Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Jean Huss.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domat wäre mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer, Mëttwoch, den 21. Juni 2000, um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.00 heures)

39e séance

Mercredi 21 juin 2000

Présidence
M. Jean Spautz, Président

Ordre du jour

1. Dépôt d'un projet de loi
2. Interpellation de M. Marc Zanussi sur la politique des transports *(Discussion - Motions)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Henri Grethen, Ministre; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Assentiment)

D'Mme Lydie Polfer, Ausseminister a Minister vun der Fonction publique, huet d'Wuert.

1. Dépôt d'un projet de loi

Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Merci, Här President. Et ass an där zweeter Qualitéit, wou ech hei froen, d'Wuert ze huelen. Ech wéilt nämlech am Numm vum Grand-Duc e

- projet de loi 4677 modifiant et complétant

a) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat,

b) la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'Etat ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat,

c) la loi du 24 décembre 1999 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2000,

d) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'Etat,

e) la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation de conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'Etat,

f) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'Etat,

g) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'Etat et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois

deposéieren. Dee Projet de loi gëtt den Accord salarial an der Fonction publique erëm.

Här President, et sinn eng Rei Gesetzer, siwen un der Zuel, déi doduerch geännert ginn, an ech géif dee Gesetzesprojet elo hei virun der Chamber deposéieren.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch d'Mme Minister vun der Fonction publique. Mir wäerten dofir suergen, dass en un déi zoustänneg Kommissioun, respektiv un de Statsrot an déi aner Organer, déi domat ze dinn hunn, weidergeet.

Mir kommen dann elo zu eisem Ordre du jour. Do hu mer d'Interpellatioun vum Kolleeg Marc Zanussi iwwert d'Transportpolitik. D'Riedezäit ass festgeluegt no deene Kritären, déi mer gëschter hei eestëmmeg ugeholl hunn. Ech mengen, ech brauch dat net nach eng Kéier opzezielen. Dat dierft bekannt sinn.

Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Bourg, Schummer, Greisen, Bausch, Meyers an Helminger.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den honorablen Här Marc Zanussi.

2. Interpellation de M. Marc Zanussi sur la politique des transports

M. Marc Zanussi *(LSAP), interpellateur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Interpellatioun vun haut beschäftegt sech, wéi dat och aus dem Bréif ervirgaangen ass, mat der Transportpolitik a mat der Zukunft vum BTB-Projet. Et ass en Datum, deen insofern vläicht gutt erausgewielt ass, well an der Öffentlechkeet - op d'mannst an der geschriwwener Press - an deene leschten Deeg vill iwwert déi dote Problematik geschwat ginn ass.

Gëschter war am "Monde" eng interessant Beilag iwwert d'Entwécklung vum Tramwiesen a Frankräich, an et ass hei zu Lëtzebuerg - ech mengen, als Beilag zum Lëtzebuerger Wort - d'Zeitung "Auto Moto Magazin" verdeelt ginn, wou och op zwou Säiten iwwert den Thema öffentlechen Transport a wäitleefeg och iwwert de BTB geschwat ginn ass. Vun dohier denken ech, dass mer, wat den Thema ubelaangt, haut an der Aktualitéit leien.

Lëtzebuerg, Dir Dammen an Dir Hären, ass dat héchstmotoriséiert Land an der europäescher Gemeinschaft. Mir hunn d'Chance, permanent nei Aarbechtsplazen hei am Land kënnen unzebidden, woubäi de gréissten Deel vun deenen Aarbechtsplaze sech an a ronderëm d'Stad Lëtzebuerg konzentréiert. Dobäi kënnt d'Tatsaach, dass d'Zuel vun de Frontalieren, déi mer op déi doten Aarbechtsplaze kréien, vu Joer zu Joer klëmmt. Dës Entwécklung ass fir eist Land a besonnesch fir d'Stad Lëtzebuerg mat enger Rei vu Virdeeler verbonnen. Si bréngt awer, wa mer net innovativ a couragéiert agéieren, mëttel- a laangfristeg och eng ganz Rei vu Problemer mat sech.

De fréiere Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg an déi fréier Regierung haten dës Entwécklung mat hire Geforen erkannt an zesummen eng Etüd an Optrag ginn, déi Léisungsvirschléi fir déi kommend Verkéiersproblemer sollt virleeën. Mir haten et also mat engem gemeinsame Problem ze dinn. Mir haten eng gemeinsam Etüd, a mir haten e gemeinsamen Optrag. Déi dräi Parteien, déi deemools d'Regierung an de Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg gebilt hunn, ware sech eens driwwer, dee gréissere Problem gemeinsam unzepaken, u sech e Kompliment fir d'Politik.

An dëser Etüd sinn eng ganz Rei vu Méiglechkeeten opgezeechent an analyséiert ginn, wéi een de Verkéier kéint an de Grëff kréien. D'Etüd hat als Konklusioun, dass en zesummenhängend Globalkonzept tëscht Bus, Tram a Bunn déi eenzeg gangbar Léisung wär. D'Resultater vun dëser Etüd waren och bei deenen, déi se an Optrag ginn hunn, d.h. d'Stad Lëtzebuerg an den Transportministère, onëmstridden.

D'Chamber huet sech dono dësem Dossier ugeholl - dat war am Joer 1996 -; et sinn eng Rei vun Hearingen organiséiert gi mat allen interesséierte Kreesser. Deemools gouf et bei deenen Hearingen och keng grondsätzlech Oppositioun vis-à-vis vum Prinzip vum Tram. Dono gouf an der Chamberkommissioun e Rapport rédigéiert, dee mat enger grousser Majoritéit vu Stëmmen deemools ugeholl ginn ass. Uschléissend war en Débat hei an der Chamber, an och an deem Débat, Dir Dammen an Dir Hären, ass keng grondlegend Oppositioun zum Prinzip vum Tram, och net zur Ubannung un den Zentrum, opgetaucht.

Et sinn eng ganz Rei vu Motioune verabschied ginn, Motiounen, déi keng Géigestëmm haten, déi ledeglech sechs, respektiv eelef Enthalunge kannt hunn, deelweis vun der DP, deelweis vum ADR. D'Ursaache vun deenen Enthalungen, wann ech mech richteg erënneren, waren deemools net d'Tatsaach, dass den Tram a Richtung Zentrum vun der Stad sollt fueren, mä et war éischter, well d'Eisebunn den Exploitant vun deem zukünftegen Tram sollt ginn.

Et war also zu deem Zäitpunkt keng Partei hei am Haus, déi géint de Prinzip vum Tram war, an och keng Partei, déi géint den Accès an den Zentrum vun der Stad Lëtzebuerg war, och net den ADR, deen allerdings als éischt, nodeem déi ausserparlamentaresch Oppositioun op de Plang getrueden ass, hir Meenung geännert huet, mat Bléck op d'Gemengerotswalen, getrei hirem Wiesen ëmgefall ass a sech op d'Säit vun den deemolege Géigner, vun der Oppositioun, geschloen huet.

Nodeem de Projet lues a lues awer méi konkret ginn ass, huet d'Oppositioun souwéi d'Zuel vun de Géigner vum Tram zougeholl: de Geschäftsverband vun der Stad Lëtzebuerg, den Automobile Club, d'FLEA, d'Chambre de Commerce an anerer, fir nëmmen déi ze nennen. Lues a lues sinn och d'Chamber- an dono d'Gemengerotswale méi no komm, an d'CSV an d'DP hunn dem Drock vun den deemolegen Tramgéigner noginn, an dat eleng aus der Ursaach an Angscht eraus, bei de kommende Walen eng Rei vu Stëmmen ze verléieren.

Grad dat ass bedauerlech: Well nei Argumenter géint den Tram a glafwierdeg Alternativen zum Tram sinn et deemools - an och haut - net ginn. Amplaz ze probéieren, d'Géigner ze iwwerzeegen, hu se sech einfach op hir Säit geschloen. Dat ass eng Astellung, déi een als Partei kann hunn. Et muss ee sech dann awer de Virworf vum Populismus gefale loossen, an et kann een dono net méi glafhaft d'Prinzipie vun der Nohaltegkeet priedegen!

D'Demokratesch Partei huet sech deemools hannert de Studië verschanzt - et misst nach ofgewaart ginn -, obwuel all d'Büroen, déi deemools am Prozess dra waren, de Kapp gerëselt a gesot hunn: Et brauche keng Etüde méi ofgewaart ze ginn, all d'Donnéeë leien um Dësch! Virun de Gemengerotswalen hu se sech dann definitiv vum Projet ofgewannt an deem populistesche Slogan "Keen Zuch duerch d'Stad" ugeschloss. Bei der CSV war et e bëssen anescht, awer net vill!